



N° 7957
Entrée le 03.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.05.2023

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/05/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro N°4637 iwwert d'Akkreditéierung vun Héichschoulen huet de Minister erkläert:

"Déi concernéiert Servicer vum Héichschoul- a Fuerschungsministère si beméit, d'Studenten a Studentinnen souwéi och all aner interesséiert Persounen beschtméiglech iwwer déi potentiell Unerkennung (oder Net-Unerkennung) vun engem Studieprogramm, sief dat en nationalen oder een auslänneschen, ze informéieren.

Een Haaptobjektiv besteet doran, déi zukünfteg Studenten a Studentinne schonn am Virfeld dofir ze sensibiliséieren, dass net all postsecondaire Formatioun eligibel ass fir déi staatelech Studiebahillefen an dass och net all Diplom, deen um tertiären Niveau ausgestallt gëtt, kann als akademeschen Titel unerkannt ginn."

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Efforte goufen an dësem Zesammenhang säit 2021 gemaach?
2. Grad fir auslännesch Student(inn)en, deenen déi national Informatiounsservicer net bekannt sinn, ass et oft schwéier, ze erkennen, ob eng Héichschoul, déi hei zu Lëtzebuerg Coursen ubitt, akkreditéiert ass oder net. Wéi probéiert de Ministère ze verhënneren, dass grad Persounen aus Drëttstaaten vun net-akkreditéierten Héichschoulen hei zu Lëtzebuerg getäuscht ginn?
3. Fir Studien, déi op enger net-akkreditéierter Héichschoul zu Lëtzebuerg gemaach ginn, kann een och keng Studiebahillefen kréien. Gi Persounen, déi trotzdeem eng Demande fir eng Studiebahillef areechen, beim Refus doriwwer informéiert, dass si net nëmme net eligibel sinn fir d'Aide, mee et och kéint sinn, dass den Diplom zu Lëtzebuerg guer net unerkannt wäert ginn?
4. Ass de Minister der Meenung, dass et eng Gesetzesupassung bräicht, déi d'Transparenz erhéije géif, andeems Schoulen, déi hei zu Lëtzebuerg Diplomer ausstellen, déi hei am Land guer net unerkannt ginn, dëst kloer op hirer Websäit a bei der Umeldung kennzeechne missten?

Mat déiwem Respekt,



www.piraten.lu



CLEMENT Sven
Deputéierten

